



Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoul- an Héichschoulminister weiderzeleeden:

Am Rumm vu der Flüchtlingskris wäerte Leit mat Recht op Asyl an Zukunft hir schoulesch a berufflech Diplomer presentéieren an unerkenne loossen. Et kann ee sech virstellen, dat domat vill Aarbecht op déi Lëtzebuenger Verwaltungen zoukënnt. Dofir wollt ech dem Här Schoul an Héichschoulminister eng Rëtsch Froe stellen:

1. Ass ofzegesinn, wéi vill Demandë fir Equivalenze vun auslänneschen Diplomen op Lëtzebuerg zoukommen?
2. Ass sech scho Gedanke gemaach ginn, wéi wäit esou schoulesch oder universitär Diplomer international unerkannt sinn an an den europäeschen oder OECD-Kader passen?
3. Ass derfir Suerg gedroen, datt déi Fäll kënnen traitéiert ginn? Ass besonnesch fir adequat Iwwersetzungskapazitéit gesuergt? Wien decidéiert iwwert d'Qualitéit vun deenen Diplomer an iwwert d'Kompetenzen, déi se zertifizéieren?
4. Fir déi Leit um Aarbechtsmarché kënnen ze integréieren, musse jo och hir Sproochkenntnisser gepréift ginn. Wéi a wou ass dat virgesinn?
5. Geschitt déi Zertifizéierung zentral oder sinn d'Responsabilitéiten iwwer verschidde Ministäre verdeelt? Wat ass zum Beispill mat Führerschäiner oder Permisse fir schwéier Maschinnen ze steieren?
6. Wahrscheinlech gëtt fir déi Aarbecht jo och op international Expären zeréckgegraff. Wéi a wou ass séchergestellt, datt hir Evaluatioune fir de Lëtzebuenger Aarbechtsmaart adequat sinn?
7. Wat geschitt mat Leit, déi keng Diplomer kënnen virweisen a sech op schoulesch, akademesch handwierklech oder berufflech Qualifikatioune behaupten?
8. Wéi eng Erfahrung gëtt et aus der Vergaangenheet mat der Unerkennung vun Diplomer, déi net dem europäeschen oder OECD-Standard entsprechen, zum Beispill aus der Balkangéigend?

9. Ass eng Qualitéitskontroll vun den deemolegen Evaluatioune gemaach ginn, wéi wäit déi Leit an den Aarbechtsmaart konnten integréiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long horizontal stroke that curves slightly upwards at the end.

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Äntwert vum Schoul- an Héichschoulministerop d' parlamentaresch Fro n° 1515 vum honorabelen Deputéierten Kartheiser iwwert d' Unerkennung vun den auslänneschen Diplomer am Kontext vun der Immigratioun vu Refugiéen:

Et ass schwéier ofzegesinn, wéivill Ufroen fir Equivalenze vun auslänneschen Diplomer op Lëtzebuerg duerkommewäerten. Den Ament kann een awer soen, datt keng aussergewéinlech Augmentatioun ze erkennen ass. Déi akademesch Unerkennung vun den Diplomer gëtt no deene selwechte Kriterien, dat heescht op Basis vun deene bestehende Reglementer an internationale Konventiounen, gemaach wéi fir all anerenDiplom aus der EU oder aus Drëttlänner.

D'Diplomer, déi den Accès an een Héichschoulstudium erlaben, ginn unerkannt wann d'Land an deem se ausgestallt gi sinn, d'Konventiounen vu Paräis (CETS No 015, 11.12.1953) oder vu Lissabon (CETS No 165, 11.4.1997) vum Europarat ratifizéiert huet. Ass dëst nët de Fall, mussen d' Leit d'Zousazkonditiounen vum modifizéierten Reglement vum 27.10.2006 iwwert d' Homologatioun vun Héichschouldiplomer erfëllen.

Am Beräich vun der Berufsausbildung spillt d'Directive 2005/36/CE (transposéiert vum Gesetz vum 19.06.2009), an do kréien d' Qualifikatiounen aus Drëttlänner keng Unerkennung. Hunn déi betrafte Leit awer bis de Statut vum Refugié, da kréien se déi selwecht Rechter wéi EU-Bierger a si falen ënnert d'Dispositiounen vun dëser Directive. Déi Qualifikatiounen ginn och nët direkt unerkannt, mee si ginn am Kader vum "système général" vun der Directive gepréift a mat der entsprecher Lëtzebuerger Formatioun verglach. Solt sech erausstellen, datt et substantiell Differenze ginn, da kënnen déi duerch ee Stage oder eng Épreuve kompenséiert ginn.

Am Kader vun der akademescher Unerkennung vu schouleschen Diplomer si keng Sproochekenntnisser néideg, dëst am Géigesaz zur Unerkennung vun de verschiddene Berufsqualifikatiounen wann ee sech hei am Land wëll etabléieren, dëst am Kader vum Gesetz vum 19. Juni 2009 iwwert d' Transpositioun vun der Directive 2005/36/CE. Sproochecoursen, déi dem internationale Standard entsprechen, gi vum Educatiounsministèreiwwert den INL offréiert, respektiv iwwert de Kader vun der Erwuessenebildung am ganze Land.

Wat d' Froen zu de Führerschäiner ubelaangt, sou falen déi ënnert d' Kompetenz vum Transportminister.